4% déi mer eis virgeholl hunn, eng ganz Rei sozial Leeschtungen och nët ofgesécher sinn. Dat fällt jo nët vum Himmel, dat muss erwirtschaft ginn. Duerfir ass dat e Verhältnis, wat heiansdo e Spannungsverhältnis gëtt. Do wier ech frou, wann d'Leit sech och iwwert dat Dräiecksverhältnis géngen ausdrécken. Ech maachen et. Mäi Penchant huet geännert. Ech soen, datt mir ganz vill Schwierigkeete kréie fir Betriber heihinner ze kréien. Dat ass awer meng Aufgab. Dovun ofgesi gëtt ëmmer nëmme eesäiteg vu Liewesqualität geschwat, an zwar am Beräich vun eiser Ëmwelt. Mä och eis Sozialleeschungen, eisen héije Gesondheetssystem an eis Aarbechtsplazen erhalen dréit zur Liewesqualität bäi, an nët onwesentlech.

Déi do Aussoe si relative allgemeng a pauschal. Kënnt Dir eis eischtens ganz konkret soen, wou dat Spannungsverhältnis wirklech opgetaucht ass. An zweetens: gëtt et net och eng ganz Rei Beräicher wou Chancen an engem Matenee leien, ech huelen déi klasesch Beispiller Albusanëierung oder erneierbar Energien.

Jo, dat sinn déi klasesch Beispiller, mä domatt rett een dat Land hei nët. Ech setze ganz vill Wäert op erneierbar Energien, mä domatt ass de Problem nët geléist. D'Spannungsfeld läit notament an der Energie. Et läit dran, datt mir hei zu Lëtzebuerg dem produktive Sektour bal keng Avantage méi ze bidden hunn. Mir si steierlech net méi interessant. Déi indirekt Stéieren, déi sinn interessant fir déi Branche wou Servicer verkafen. Ma et ass keng Industrie déi eppes mat Mehrwert / TVA um Hutt huet. Um Niveau vun de Salairé si mir méi héich. Mir sinn um Niveau vun den Ëmweltnormen déi mir virschreien méi héich wéi all déi Länner ronderëm. Mir sinn um Niveau vun de Prozeduren nët méi schnell ewéi déi Länner ronderëm. Mir sinn um Niveau vun den Terrainen méi deier ewéi déi niewendrun. Mir sinn um Niveau vum Aarbechtsrecht besser ofgesécher ewéi all déi aner Länner niewen-

drun. Mä sot mir mat wat een dann am Moment nach Leit soll op Lëtzebuerg lackelen?!

Dobäi sinn dat Saachen, déi mir selwer kënnen entscheeden. Et gëtt eng Rei, déi mir net méi kënnen entscheeden. Duerfir soen ech: Et ginn eng Rei Saachen ewéi d'Energie wou ee muss Décisiounen huelen. Wa mer heich Energiepräisser wëllen, da behale mir kee produktiven energieintensive Sektour mei hei.

Alt erëm: ass dat net e bësselche pauschal an och kuerzfristeg gegruff. Betriber déi energieeffizient produzéieren mussen spuere kloer an Käschten an, leiden mëttelfristeg wesentlech manner ënnert Schwankungen an der Entwécklung vum Energiepräiss... – dat ass e Kompetitivitéitsvirdeel.

Et ass fir eng Rei Betriber richteg a fir eng Rei Betriber net. Wann do eng Rei Oplage beienander kommen ass dat e grouse Problem. A virun allem, wann een net ka virausgesinn, wat op een zoukënn, wann een zu Lëtzebuerg investéiert. Well een do ëmmer méi an nei Oplage kritt. D'Zomm, wat et mech hei méi kascht ewéi wann ech et zu Longwy oder zu Prag géng maachen, reche Betriber. Dat wat si interesséiert, ass dat wat haut ass. Do ginn net ëmmer déifgreifend Analyse gemaach.

Eise Steierniveau ass jo am Prinzip kee Problem, well esou wéi de Steiersystem opgebaut ass jo ka viles ofgeschriwwen ginn. Mä esou wäit, zu där Analyse, kënnt et meeschtens nët. Do gëtt gekuckt: den Taux ass zevill héich a scho gëtt Lëtzebuerg an déi zweet Kategorie vu Länner klasséiert. Dat ass de Problem, et gi ganz oft iwwerflächlech Critèren ugewandt. Ech wëll d'Welt wär wéi Dir lech se virstellt, datt een déi héchsten Norme ka virschreien – well dat maache mir mat der "meilleure technologie disponible", an datt d'Betriber dann e kompetitive Avantage a 5 oder 10 Joer gesinn. Esou ass et awer net.

Dat soll ee machen, mä mat de selwechten Norme wéi déi aner Länner. Däitschland ass jo awer keng Bananerepublik. Firwat iwwerhuele mir dann net einfach d'Norme vun Däitschland? Firwat dann op eemol eng Schweizer, wann déi méi wäit geet? Oder eng hollännesch op eemol, wa se méi streng ass?

Sot emol Beispiller, sinn dat do net och deelweis Clichéen?

Ech nenne keng. Ma ech kréien dat a Gesprécher gesot. Nët alles wat gesot gëtt ass ëmmer wouer, ma dat do weess ech. Et steet duerfir och an dem Plang zu Lissabon, datt mer eis solle verbindlech Norme ginn.



"Kyoto ass fir mech net den Haaptthema am Moment. Ech muss dat éierlechkeetshalber soen."



Thema KYOTO

Just eng Klammer: Zënter de 90er Joreen fuerdert de Mouvement déi Normen, d'Industriellesäit war ëmmer dergéint. En anere Punkt awer: Lëtzebuerg muss seng Kyoto-Engagementer anhalen. Dobäi ass bekannt, datt wa mer de Wuesstem vu 4% géinge kréien, esou wéi erwünscht a mer mat derselwechter Aart a Weis wéi elo géife produzéieren, mer dann den Energieverbrauch géinge verduebelen. Wéi komme mer do eraus?

Dat ass inextricabel, wa mir eise Wuesstem vu 4% wëllen anhalen.

Wat heescht dat? Och e Wirtschaftsminister muss sech jo awer u Kyoto halen. Nët nemmen aus vëlkerrechtliche Grënn well mer de Vertrag ënnerschriwwen hunn, mä och einfach fir sech nach selwer kënnen an de Spiegel ze kucken aus moralesche Grënn – a mëttelfristeg och aus wirtschaftleche Grënn. Mat den ablackleche Stierm asw. gëtt de Problem jo awer ëmmer méi evident. Anert Beispill: d'Problem vun de Stëbser, wou mer och mussen opgrond vun EU-Direktiven Efforte maachen. Ass et dann net méiglech fir iwwer Weeër ze schwätzen, wéi een déi do Constrainten mat den ekonomesche verbonne kritt?

Ech wëll einfach, datt mir eis Betriber nët onnéideg méi belaauchten ewéi déi Länner ronderëm eis et maachen.

Da kommen ech op Kyoto. Kyoto ass eng rise Verantwortung fir jiddferen hei op

der Welt. De Problem ass e bësselchen deen, datt mir hei zu Lëtzebuerg eng Virreiderroll spillen.

...dat ass dach net wouer. Mir hunn matt den héichsten Pro-Kapp-Verbrauch vun CO₂, och ouni Tanktourismus...

Mat Virreiderroll mengen ech, datt mir eis onwahrscheinlech héich Ziler gesat hunn. Wa mir wëllen anhalen, wat mir eis virginn hunn, kréie mir noutgedronge Problemer am Sozialberäich. Et ass evident, datt de Niveau vu Wuesstem dee mär eis gesat hunn nëmmen mat méi CO₂-Ausstouss ze erreechen ass. Et sief dann, et klëmmt een op aner Technologien iwwer. Dat muss een einfach wëssen. D'Etuden hu ganz kloer gewisen, datt mir dat wat mir eis virgeholl hunn – oder loosse mir soen wou mer eis d'Hänn gebonnen hunn – net kënnen anhalen. Ech hu festgestallt, egal wat mir maachen, mir kommen nët eraus. Et sief dann, mir setzen eis Ambitioune wat d'wirtschaftlech Entwécklung ubelaangt stark erof. Dat wier konsequent. Da musse mir wëssen, datt mir nach e Koup aner Uspréich mussen erforschrauwen: un Hëllefden déi de Staat gëtt, u soziale Leeschtungen...

Ech weess och, datt et eng ganz Rei Beräicher gëtt, wou Hoffnungsträger sinn a wou immenst Potential ass. Dat ass z.B. an der Recherche. Ma huel emol d'Beispill vun Delphi, den zweetgréisste Fuerschungszenter hei zu Lëtzebuerg, héich interessant, well en och am Ëmweltberäich ganz vill Saache mécht. Dat ass Ekotechnologie. Esou e Betrib ka

muer bonzelen duerch eppes wat anzwousch anescht geschitt. Mä dat si 700 héich qualifizéiert Aarbechtsplazen an eng Branche op déi mir voll setzen. Duerfir soen ech: mir sinn eng extrem vulnerabel Wirtschaft, do kann e Betrib bei eis a Fro gestallt sinn, well an Amerika e Problem mat de Pensiounsregimer ass.

Lissabon-Strategie

Ass an der Tripartite am Kontext vu Lissabon eng grondsätzlech Diskussioun gefouert ginn, wéi Kyoto mat engem gewësse Wuesstem an Aklank ka bruecht ginn? Gouf iwwert eng Verknëppung Ecologie / Economie a Soziale geschwat?

An der Tripartite, déi mir elo haten, war dat nët de Fall. Et ass sécher, datt am Moment d'wirtschaftlech Entwécklung an d'Arbeitsplazen déi gréisste Suege sinn. Ech muss awer soën, datt mir en Niveau vun Ëmweltploën erreecht hunn, dien awer verstänneg ass. Et geet jo awer elo net drëm fir déi zu dësem Zäitpunkt ze verschäerfen...

Dat fuerdert jo och keen... dat ass net de Punkt...

...mä dat Spannungsverhältnis ass jo am Fong geholl am Premier senger Ried e bësselchen ugedeit ginn. Well de Budget ass jo an engem Land wéi eisem en exzellente Reflet vun der Realitéit. Mir hunn eis jo kompetitiv Avantagen erwirtschaft an en-

gem Sektor, wou vill Geld verdéngt ginn ass, an anerer doduerch, datt mir méi nid-dreg TVA, méi niddreg Akzisen, méi nid-dreg Lounkäschten... hunn.

Kyoto ass fir mech net den Haaptthema am Moment. Ech muss dat éierlechkeetshalber soen. Wat erzielen ech deene Léit, déi keng Aarbecht hunn? Soen ech deenen, mir hunn e Problem mat Kyoto? Soe mir deenen, deet mir Leed, dir kritt keng Aarbecht well mir eis musen u Kyoto halen?

Mir hunn an der Lissabonstrategie ge-fuerdert, datt et och eng Planungs-sécherheet fir Betriber géif, wann endlech d'Pläng fir Aktivitéitszonen an der Mobilitéit erstallt wieren.

Stee 2-3 mol drann.

Wéi wäit ass dann de Plang vun Akti-vitéitszonen?

De Ministère fir Raumplanung ass duerfir zoustänneg an huet e Büro beoptragt, dee mir eng éischt Virstellung vun hire Virstel-lunge gemaach huet. Et war eng éischer lieweg éischt Setzung, well ech net wëll, datt zevill Literatur gemaach gëtt an de Prozess ze lang dauert. Ech fannen et wichteg, datt e lëtzebuerger Büro dee schon mei Erfahrung am Beräich huet, as-sociéiert gëtt.

Nach zur Lissabon-Strategie an zum Dialog mat de verschiddenen Akteu-ren. Obwuel et versprach gi war, war kee Gespréich ausserhalb vun enger Tripartite.

Et war kloer gesot ginn, datt et net de Ko-ordinateur wier dien dat géing maachen, ma de jeweilige Fachminister. Ech hat herno gesot ech géif probéiere nach mat de Verbänn ze schwätzen, ma et war on-méiglech dat vum Timing hir ze maachen. An eisem Timing, wou mer den Dossier schon 1 Mount méi spéit eraginn, war dat net dran.

Ma ech fannen dat awer zu dësem Zäit-punkt net esou dramatesch, well mir an den nächste Méint wäerten e ganz déiwen a laangwierenen Débat féieren iwwert d'Zukunft vu Lëtzebuerg.

Ween, wou, wéi?

Mir mussen dien hei zu Lëtzebuerg féieren. Ech ginn dervun aus, datt vun der Evolutioun vun der budgetärer Situatioun zu Lëtzebuerg Notiz geholl gëtt. Datt gesi gëtt, datt mer héich Dépensen hunn, mir hu Recetten déi net mei esou fléisse wei se gefloss sinn. D'Verbinding vun deenen zwee mat Joere wou mer d'Reserven op-gebraucht hunn, bréngt mat sech, datt

mer Diskussiounen mussen hunn. De Premier huet se ugedeit.

A mer mussen den Inhalt vun eisem Plang, deen a ganz ville Punkten nach relativ vague bliwwen ass, konkretiséieren. Firwat ass e vague bliwwen? Ma well ech et net fäerdeg bréngen an deem Zäitraum eng Décisioun erbäi ze bréngen, déi d'Resultat vu lange Consultatiounen wäer. Mir hunn eng Rei Pisten ugedeit, wou misste geän-nert ginn, budgetär, mä awer och déi Gesamtausrichtung. An doriwwer mussen mir déi nächste Méint schwätzen. Mir hunn eis gesot, datt mer bis an de Mee d'nächst Joer mussen fäerdeg sinn.

D'Lissabonstrategie an de Reformplang kréien eigentlech elo eréischt den Inhalt, d'Substanz – d'Diskussioun ass nach net ofgeschloss. D'Ziler sin elo nach méi vague, well déi eigentlech Konflikter zu dësem Zäitpunkt net konnten ausdiskutiert ginn, mer wollten elo emol en allgemenge Konsens. Am weideren Débat wäert e.a. e Mouvement Ecologique selbstver-ständlech mat agebonne ginn. Ech wäert en opent Ouer hunn, ma lech grad esou mat der Realitéit konfrontéieren.

Ech well nach eng Kéier op d'Wuert "Contrainten" zrëck kommen. Mir benotzen et jo an engem anere Kontext wéi Dir. Eng Ëmweltbewegung seet, déi Haaptcontrainte déi mer hunn, dat ass, datt mer mussen d'Grenze vun der Natur respektéieren an eist Handeln dorops ausrichten. Stéchwieder sinn: Regeneratiounsfähegkeet vun der Äerd, net méi Ressourcen notzen wéi der nowuessen am Intérêt vun den nächste Generatiounen, Klima schützen... Sinn dat fir lech Contrainten, déi kuerzfristeg mussen zrëckstiechen aus ekonomeschen a budgetären Grënn?

Nee, dat sinn och nach wie vor Contrainten. Mä ech hu schon 1995 d'Fro vum Choix de société gestallt. Déi Gesellschaft hei huet eng Äntwert ginn, direkt oder indirekt, doduerch datt se gesot huet, si wëllt den héichen Niveau vu Sozialleesch-tungen halen. Domatt huet si sech enger wirtschaftlecher Entwécklung verschriw-wen, wou déi do Elementer net méi an deem Mooss kënnen respektéiert ginn, ewéi wann ee sech manner grouss Virgabe gëtt wat déi wirtschaftlech Entwécklung ube-laangt. Wa mir soen, dat Resultat vum Rentendéich ass nëmmen ze halen wa mir dien do Wuesstem hunn, da mussen mir wëssen, wat dat heescht. Et waren nach eng Rei Wahlen dertëscht, wou Aschnëtter komm sinn a wou scho bei kléngen Aschnëtter direkt eng Regie-rungscoalitioun gekippt huet. Dat si jo awer Zeechen. D'Leit hunn op hir sozial Ofsécherung gepocht an ech verstinn dat och. Mä da muss ee jo awer op där anerer Säit soen, dat sinn d'Konsequenzen, et kann een eng Rei Saachen net anhalten, déi ee soss konnt anhalen.

Mä et gi jo awer esou Konzepter, wéi de Faktor 10. Wou gesot gëtt, duerch eng Effizienzsteigerung an der Produktioun z.B. kann een 10 Mol méi efficace produzéieren, manner Energiever-brauch, manner Ressourceverbrauch. Massiv Förderung vum öffentlechen Transport... Die Wee kann ee goen, et muss ee sech awer just déi noutwendeg Instrumenter ginn. Déi Gläichung: méi Wirtschaftswuesstum = méi Ëmwelt-belaaschtung ass net wouer.

Fir mech heescht wirtschaftlech Entwéck-lung weiderdreien, datt noutgedrongen och méi Fläche mussen versigelt ginn. Et heescht, datt ech net nëmmen do wun-nen, wou ech vill Gréngfläche ronderëm



"Datt d'Debatt vu Lissabon bis elo net méi breed gefouert ginn ass, fannen ech zu dësem Zäit-punkt net esou dramatesch, well mir an den nächste Méint wäerten e ganz déiwen a laang-wierenen Débat féieren iwwert d'Zukunft vu Lëtzebuerg."

hunn, weit ewech vum Zentrum an datt och keen Auto derlaanscht fiert. Dat ass einfach net méiglech. Besonnesch och an engem Land, dat esou wéineg Fläch huet. An deene ganze Joeren wou ech Politik maachen, sinn ech sécher een, deen en oppent Ouer fir esou Saachen hat, och haut nach. Ma ech gi konfrontéiert mat Realitéiten an Exigencen wou ech mir eeschthaff Froe stellen. Ech ginn e Beispill. Fir ekologesch Steieren, fir eng Ëmschichtung vun eise Steieren ewech vun der Aarbecht, musse mir eppes um Index änneren. Dat huet d'Etude vun lech jo och gewisen, datt et ouni dat net geet. Ech stelle fest, datt ech am Ablack absolut keng Bewegung um Dossier Index gesinn. Wa mir d'Instrument wëlle bestoe loossen, wéi et elo ass, da musse mer wëssen, datt mir z.B. net kënnen Oeko-Steieren dropsetzen, déi all Kéier mussen iwwert den Index neutraliséiert ginn. Dat kënne mir net maachen. Mir kënne net als éffentlech Hand d'Inflation, déi déi héchst an Europa ass, nach zousätzlech unheizen an d'Betribler forcéieren nach méi héich Paien ausbezuelen. Et ass déi falsch Äntwert ze soen: mer sollen d'Systemer loosse wei se sinn. Dat heescht am Endeffekt, da kënne mer eng Internaliséierung vun externe Käschten net maachen.



Nohalteg Steierreform

Mir hu vun engem Regierungsmember oder vun der Regierung d'Ausso nach net héieren: mir maachen eng nohalteg Steierreform mat folgendem But, a mir mussen an deem Kontext d'Indexfro opwerfen. Et gëtt ëmmer mam Index ugefaangen, wou kee Mensch weess, wat hannendru kënnt. D'Grondfro gëtt net wirklech beäntwert.

Dann hu Dir se elo heieren. Ech sot, ech stinn derzou. Ech sinn der Meenung, datt een eng Ëmschichtung ewech vun der Aarbecht kéint maachen. Ma wat ass d'Diskussioun am Public a bei de Sozialpartner am Moment? Iwwert d'Steierreform oder den Index? Dat ass d'Realitéit. An dobäi geet et jo emol guer net drëm fir den Index ofzeschaffen, mä just logesch ze reforméieren. Et gëtt jo kee Sënn fir d'ökologescht Verhale vun de Leit iwwert Ëmwelttaxe positiv ze beaflossen, wa mir dës Taxen iwwert den Index erëm neutraliséieren.



"Eis Gesellschaft huet e Choix de société getraff, doduerch datt se gesot huet, si wëllt den héichen Niveau vu Sozialleeschtungen halen. Domatt huet si sech enger wirtschaftlecher Entwécklung verschriwwen, wou déi ökologesch Elementer net méi an deem Mooss kënnen respektéiert ginn..."

Scheitert dann Ärer Meenung no d'Diskussioun ëm d'ökologesch Steierreform um Index?

Zu engem gudden Deel jo. Och an Ärer Etude ass d'Klärung vun der Fro vum Index eng Viraussetzung fir eng nohalteg Steierreform.

Rezent ass vun Ärer Seit aus mat relativ vill Medienarbecht gesot ginn, en neie Betrib kéim op Lëtzebuerg am Plastikberäich wou 45 Aarbeitsplazen kéinten entstoën. Engersäits ass dat wuel begréisst ginn, anersäits hunn aner Leit gesot: ma am Mëttelstand gëtt et esou vill Betribler déi gutt Aarbecht machen, déi och eng ganz Rei Leit ustellen, an do gëtt manner gehollef.

Et ass e.a. a menger Foiresried nozeliesen, datt ech de Mëttelstand als d'Réckgrat vun eiser Wirtschaft gesinn, als de Garant

vun eisen Aarbeitsplazen a vun eise Sozialversécherungen an och fir d'Animatioun vun eisen Uertschaften. Well d'PMen méi no bei den Uertschaften si, wéi grouss Industrien. Mäi Bekenntnis zu klengen a mëttlere Betribler ass evident. Mäi Verständnis wär och gewiescht, datt eng besser Zesummenaarbecht gewiescht wier, wann déi 2 Ministèren an enger Hand gewiescht wieren. Dann hätt een z.B. manner Zäit missen opbréngen fir Kompetenzen an Ofgrenzungen ze klären. Dat ass awer net zréckbehale ginn.

Mä et kann ee mir mat Sécherheet am Moment net virwerfen ech géing näischt fir d'PME maachen. Ech muss éierlech soen, wann hei een eppes wëllt machen an e wëllt mat mir schwätzen an ech kann em hellefen, da kucken ech net ob et eng PME ass oder net. Mäi Prinzip ass: "Just do it".



"Ech stinn zu enger nohalteger Steierreform. Et kéint een eng Ëmschichtung vun de Steieren ewech vun der Aarbecht maachen. Da stellt sech awer d'Fro vum Index: dobäi geet et jo emol guer net drëm fir den Index ofzeschaffen, mä just logesch ze reforméieren. Et gëtt jo kee Sënn fir d'ökologescht Verhale vun de Leit iwwert Ëmwelttaxe positiv ze beaflossen, wa mir dës Taxen iwwert den Index erëm neutraliséieren."



"Ech selwer hunn an den 80er Joren an der éischter Rei géint Cattenom manifestéiert. Ech sinn och nach wie vor der Meenung, datt d'Atomenergie net d'Zukunft ass. Ma deemols hu mer gesot: Cattenom wëlle mer net. Cattenom ass elo awer do."

Nei Stroumleitung a Frankräich

Wéi ass elo de Stand der Dinge mat der SOTEL-Leitung u Cattenom?

Mir schwätzen net vun engem Uschloss u Cattenom ma un dat franséisch Netz.

Tatsach ass awer, datt Frankreich en Atomland ass, mam héchsten Undeel vun Atomstrom an och wëll weider an déi Richtung goen, während aner Länner en Ofbau vun der Atomkraft ustriewen...

Ech selwer hunn an den 80er Joren an der éischter Rei géint Cattenom manifestéiert. Ech sinn och nach wie vor der Meenung, datt d'Atomenergie net d'Zukunft ass. Ech hunn allerdéngs och mat Realitéiten ze dinn. Cattenom steet do a mir gi jo net op Cattenom Elektresch sichen. Mir schafe Frankräich an hir Zentrale net of. A Frankräich liwwert, wéi d'Belsch an Däitschland och, sécherlech nun emol Strom. Si hu méi en héije Gehalt un Atomstrom. Mä ech hu virdu kloer an däitlech gesot, datt d'Energiefro eng ganz essentiell ass: d'Ofsecherung an de Präiss.

Zum Thema Ofsécherung muss déi Etude déi mer an Optrag ginn hunn (*) elo erweisen, op mer aner valabel Solutiounen hunn fir d'Stroumversuergung ze garantéieren, als wéi déi nei Leitung. D'Etude ass elo an dësen Deeg fäerdeg a gëtt da presentéiert. Mir kënnen awer net mat deene bestehenden 2 Leitunge liewen wou mer elo hunn...

Ma d'SOTEL-Leitung ass jo awer keng Äntwert fir d'Sécherheet vum ganze Land, ma héchstens fir d'ARCELOR.

Et geet net nëmmen ëm d'Sotel-Leitung. Ech hu wëlles de ganzen Energiesecteur ëmzekrepelen. An der Etude zur Liberaliséierung wou gemaach ginn ass, sti jo eng ganz Rei Proposen dran, wou ech eescht huelen.

Zum Beispill?

Z.B. d'Fro vun de Netzer an d'Ofsécherung vu Lëtzebuerg am industrielle Beräich, mä och am private Beräich.

Dat heescht datt d'Netzer a staatlech Hand kéimen?

Dat muss net a staatlech Hand sinn, mä de Staat muss d'Mainmise hunn iwwert dat wat an de Netzer soll geschéien. Duerfir musse mir net 100%, mä evtl. just eng Majoritéit hunn. Et muss ganz einfach sécher sinn, datts de genuch investéiert kriss an deng Netzer net verkommen, esou wéi dat an anere Länner de Fall ass, wou se a privater Hand sinn. De Staat ass jo haut vill präsent an der Distributioun, do sollt e sech manner bekëmmere an sech éischter ëm d'Netzer bekëmmere.

D'Fro vun der Sotel-Leitung ass also net isoléiert ze gesinn. Ze kucken ass eisen Engpass vum Netz a Richtung Belsch. Dee kann ee mat e puer techneschen Agrëffer léisen, déi awer mat groussen Investitiounen verbonne sinn, déi net op eisem Territoire sinn. Et muss eppes geschéien zu Éibeng, zu Moulaine... an do hu mir keen Afloss drop.

D'Etude kuckt déi 2 Sachen: Wéi kann d'Versuergung vun der ARCELOR ofgesécher ginn – well mat engem Strank wéi elo geet et net duer – wou kéint en zweete Strank hikommen, ass deen nëmmen a Frankräich méiglech oder och anzwouh anescht? A wat bréngt dat awer och dem

Lëtzebuerg Land? D.h. wéi muss d'Ofsécherung vum Lëtzebuerg Land sinn?

Gekuckt muss awer och d'Fro vum Präiss ginn. Elo kënn Dir mir soen, dat ass moralesch net ze verstoen. Ech verstinn, datt dat e Problem ass an en Tabu war zu där Zeit, wou et kloer war, datt do wou een de Stécker agestach huet een och de Strom vun do kritt huet. Haut ass et anescht. Mir kënnen haut franséische Strom akafen an iwwert d'däitsch Netz importéieren. Ma da bezuele mer d'Netzwegekäschten bis heihinner, an doduerch ass de Strom dee mer esou huelen méi deier. Dovun ofgesinn kann an Zukunft jiddferen duerch d'Liberaliséierung säi Strom do kafe wou e Loscht huet. Mir kënnen da guer kengem méi verbidden Atomstrom ze kafen.

Dat ass jo eis Argumentatioun... Déi Leitung féiert derzou, datt mer franséische Strom kréien...

Mir hätte gär bëllege Strom fir eis Industrien, soss hale se op.

Och wann et méi Atomkraft ass?

Jo, wann et muss si, jo. Wann ech virun der Décisioun stinn, datt d'Betriber mir soen, si géingen hei ophalen, wa si net de korrekte Präiss kréien, da sinn ech fir Atomkraft. An dat kënn. Et huet ze di mam Iwwerliewe vum Standuert Lëtzebuerg. Et ass kee Geld am Moment hei zu Lëtzebuerg, déi Standuarter zu Lëtzebuerg hu keng Gewënner, ma Perte gemaach. An da geinge mer soen: Eng Méiglechkeet wou mer hätten do ze hëllef verwiere mer lech?! Ech soen dat fir de Moment net. Dir brauchst lech just d'Beispill vun der Aluminiumindustrie an Däitschland unzekucken, déi wéinst den héije Strompräisser elo do wëllen d'Koffer paken.



"Ech wëll déi Dépendance vu Petrol a Gas, déi geopolitesch ze geféierlech ass, héich spekulativ ass... vun Elementer déi mer net kënnen beaflossen ofbauen. Wann e Stuerm ass an Amerika, dann hu mir hei Problemer..."

D.h. all déi Argumenter déi et géint d'Atomkraaft gëtt spillen deen Ablack net méi esou? All déi Argumenter déi och Dir géint Cattenom hat?

Deemols hu mer gesot: Cattenom wëlle mer net. Cattenom ass elo awer do. A wat maache mer? Mir musse probéieren de Stroum esou gönschteg wéi méiglech ze kréien. Wéi gesot, d'Liberaliséierung setzt déi ganz Diskussioun an e komplett neie Kontext an eng Interconnexioun mat Frankräich ass net gläich en Uschloss u Cattenom. Ech halen och drop, datt op all Stromrechnung den Undeel vun Atomenergie soll dropstoen. An engem liberaliséierte Marché kënnen d'Leit dann entscheeden vu wou se hiert Elektresch wëlle bezéien. De Staat kann nët de Leit all Verantwortung ewech huelen.

Souguer wann een dat do géing akzeptéieren, da wär et den absolute Minimum, datt emol déi Chiffren do transparent beluegt ginn. Ass dee Präiss-ënnerschied wirklech iwwerlieweswichtig fir d'Betriber?

Dat ass och virun all Décisioun ze préifen. De Wirtschaftsminister deen d'Etude iwwert d'Ofsécherung dohinner leed muss och Kenntnis hu wat d'Präisser betrëfft. Wann et sech géing erausstellen, datt et keng wesentlech Verbesserung wär, géing ech den Intérêt net gesinn. Da spillt dat Element wat Dir gesot hutt – wann et awer fir d'Ofsecherung besser ass, da sti mer virum Choix. Dann tranchéieren ech éischter derfir fir jo ze soen, well mer souwisou scho Stroum aus Frankreich kréien.

Erneierbar Energien

Wéi en Undeel vun erneierbaren Energien wëllt Dir am Joer 2020 am Netz hunn?

Souvill wéi méiglech.

Méi konkret wgl. Well d'Förderung riicht een och no den Ziler aus.

Neen. Ziler hu kee Wäert. Ech soen: esou vill wéi méiglech. D'Förderung muss esou ausgeriicht sinn, datt se finanziell machbar ass. Mer kënnen keng dérisoire héich Chiffre virgesinn, well ech mer Ziler vun 20% géing ginn. Dat geet net.

Ma et muss een awer dach kënnen schwätzen: wat mussen a wëlle mer ustriewen a wat mussen mer bereet sinn als Instrumenter anzesetzen! Wéi leet een da soss e Budget an Instrumenter fest? Et muss een dach vu béide Säite kommen: wat wëlle mer – wat ass méiglech?

Mir féerden am Moment, mat Ausnahm vun der Fotovoltaik, all déi aner Saache méi wéi virun. Mir férdere se vill, awer esou datt et verstänneg ass an ze bezuelen. Mir probéieren déi Dépendance vun der Energie anzudämmen, well ech gleef net datt mir se zréckschrauwe kënnen. Duerfir gi mer aktiv um Niveau vun der Renovatioun, der Albausanéierung, enger neier Wärmeschutzveruednung... wou mer villes ausbauen. An dësem Land ass während Joeren keng Energiepolitik gemaach ginn. Elo musse mer villes ugoen, mat deem kleng Service wou ech hunn.

Wär et dann net och gutt, wa Lëtzebuerg eng regelrecht Strategie géing ausschaffen, och ugesichts der Petrolkris, wéi mer wëllen datt am Joer 2020/2050 eis Energieversuergung soll ausgesinn... dat maache méttlerweil all europäesch Länner?

Mir setzen en neit Energiekonzept op. Ech hu kee Problem, datt och nach e Büro seet wéi et an 20 oder 50 Joer soll ausgesinn. Ma ech halen näischt dervun. Wie woussst

dann am Joer 1955 oder 1980 wéi Lëtzebuerg haut géing an der Wirtschaft an an der Energie ausgesinn? Wee wosst wéi mir eis mat 28% bei Kyoto engagéiert hunn, wéi schwéier mer et haut géife kréie fir déi Ziler och nëmmen annähernd ze errechen?

Villes weess en awer: Petrol a Gas gi méi rar, méi déier... mer brauchen aner Ressourcen...

Duerfir brauch ee keng Etude a keng Zielvorgaben déi herno an der Réalitéit total falsch sinn. Wat muss ee maachen? Et weess een, datt mer mussen ewech kommen vun Ueleg, datt een ee Problem kritt mat der Atomenergie, datt ee muar vläicht nach eng Chance huet mat der Kuel eppes ze maachen wa se a Richtung "clean energy" geet. Du setzt elo emol nach op Gas, wéi laang nach weess een net, dat weess kee wierklech. Jidder sougenannten Expert huet aner Zuelen.

Ma ech wëll déi Dépendance, déi geopolitesch ze geféierlech ass, héich spekulativ ass... vun Elementer déi mer net kennen beaflossen ofbauen. Wann e Stuerm ass an Amerika, dann hu mir hei Problemer ... Mir sollen d'Energieversuergung méi staark fördern, dat soll een awer pragmatéisch ugoen.

Wat mir finalement zu Lëtzebuerg brauchen ass eng reell Energiepolitik. Ech hu mech derzou engagéiert fir dee Projet unzegoen. Ech wäert en demokratesch a kontrovers mat allen implizéierten Acteuren diskutéieren, mä et kann net just bei Diskussiounen bleiwen. Ech wäert och Décisiounen huelen!

Merci fir den Interview

Interview: Blanche Weber



COPLANING®
FENSTER UND TÜREN
Qualität und Top-Design

ed[it]ion 4

Perfektion x 4 in Holz/Alu



speziell für
**Niedrigenergie- und
Passivhäuser**

Internorm
Autorisierter Stützpunktpartner

Komfort der Superlative

- 1 Hervorragender **Wärmeschutz** bis $U_w=0,81$ W/m^2K
- 2 Sensationeller **Schallschutz** von 43 dB bereits im Standard
- 3 integrierter **Sonnenschutz** durch im Scheibenzwischenraum geschützt eingebaute Jalousie
- 4 dadurch auch **Sichtschutz** vor unerwünschten Einblicken

Besuchen Sie unsere neue Website
WWW.COPLANING.LU





Z.A.C. Langwies
L-6131 Junglinster
Tel. (00 03 52) 72 72 12-1
Fax (00 03 52) 72 72 14

Öffnungszeiten:
Mo.-Fr.: 8-18 Uhr (durchgehend)
Sa.: 9-16 Uhr (durchgehend)
Sonntags: 14-17 Uhr

Äre Spezialist fir BIO-
an Demeter- Liewesmëtzel

NATURATA

d'Butteker vun de Bio-Baueren

- 1 Luxembourg/Rollingergrund
- 2 Dudelange
- 3 Estelbrück
- 4 Munsbach-OIKOPOLIS
- 5 Hupperdange/Schanck-Haff
- 6 Esch/Alzette



Topsolar

Zenter 10 Joer äre Fachbetrieb



Schoul Heischend 10 kWp/80m²

- Iwer 300 Solaranlagen am ganze Land
- Gratis Devis a Berechnung vum Gewinn
- Interessant Finanzeierung

TOPSOLAR SA 5, L-8838 WAHL
Tel 88 82 41 www.topsolar.lu



Blumenkohl, fast zu schön zum Essen

Projekt "Am Gaertchen" des Forum pour l'emploi:
Exzellent praktizierte Nachhaltigkeit



Arbeitsbeschaffung durch ökologischen Gemüseanbau

Biogemüse anbauen und gleichzeitig Arbeitslose ins Berufsleben zurückführen? Das Projekt "Am Gaertchen" des "Forum pour l'emploi" zeigt auf, wie sich ein ökologisch äußerst sinnvolles Projekt mit Sozialmaßnahmen verbinden kann. De Kéisécker stellt die Initiative vor.



Jäten ist sehr arbeitsintensiv



Das Projekt "am Gaertchen" des Forum pour l'emploi könnte eigentlich auf sein "-chen" verzichten. Nicht nur angesichts der Flächengröße sondern auch der Angebotspalette handelt es sich hier längst um einen ausgewachsenen Garten, der im Begriff ist sich zu einer Großgärtnerei zu entwickeln. Angebaut werden unterschiedliche Arten von Gemüse, die noch bis vor kurzem in jedem Privatgarten angebaut wurden, wie Möhren, Erdbeeren, Zwiebeln, Sellerie, Chicoree, Porree, Salat und Kohl. Aber auch Hochstämme, Blumen und Kräuter werden gezogen, behütet und verkauft.

Die Standorte, über 4 ha Anbaufläche, sind verteilt nach unterschiedlichen Bedingungen, je nach Klima und Bodenqualität. Junglinster, mit seinem sandigen, leichten Boden, eignet sich hervorragend zur Aufzucht von Wurzelgemüse. Auch sind die Temperaturen in Junglinster höher und ermöglichen dadurch einen frühen Beginn der Saison. In Bastendorf muss das angebaute Gemüse mit einem Schwemmlandboden Vorlieb nehmen. In Allerborn, im hohen Norden Luxemburgs, hat das Forum Gewächshäuser sowie Freilandflächen angemietet. Dieser Boden ist einer der Besten Luxemburgs. Diese Schieferverwitterungsböden geben genügend Nährstoffe auch an Starkzehrer ab, eine Eigenschaft, die besonders dem Kohl zu gutem Wuchs und kräftigem Geschmack verhilft. Auf Kunstdünger und chemisch-synthetische Pestizide wird gänzlich



Christian Hengen, Agraringenieur, Projektleiter



Die beiden watschelnden Mitarbeiter bei der Arbeit

lich verzichtet, handelt es sich hier doch um biologischen Anbau, der streng kontrolliert wird. Schädlinge werden mit unterschiedlichen, natürlichen Mitteln in ihre Schranken verwiesen, zum Beispiel durch Untersaaten (niedrigwachsender Weissklee gegen Erdflöhe im Kohl). Die Düngung erfolgt zum großen Teil mit abgelagertem Stallmist der seine Nährstoffe längerfristig an den Boden und die Kulturpflanzen weitergibt.

Indische Laufenten: watschelnde Mitarbeiter

Zum Einsatz kommen aber auch kleine zweibeinige Helferlein. Die beiden indischen Laufenten, die auf der Oekofoire dem Publikum vorgestellt wurden, kommen regelmäßig zum Einsatz. Von Sonnenaufgang bis Sonnenuntergang watscheln sie gemütlich zwischen Salat- und Kohlköpfen hindurch und lesen vornehmlich Nacktschnecken auf, die sie sich gut schmecken lassen. Der Trick besteht darin, dass den beiden in ihrer Jugend nie Grünfutter vorgelegt wurde. Den zarten, frischgrünen Salat lassen sie verächtlich links liegen. Leider müssen auch sie jetzt aufgrund der Vogelgrippe die Vogelwanderzeit unter Dach verbringen. Dabei sind sie eigentlich "wetterfest" und vergnügen sich am liebsten in eiskaltem Wasser. Doch die Vogelwanderzeit wird vorüber gehen und die watschelnden Mitarbeiter dürfen demnächst wieder auf Entdeckungsreisen gehen. Vielleicht hilft diese vorübergehende Zwangsgefängenschaft ja dabei, dass es dann im Frühjahr mit dem Nachwuchs klappt.

Das Projekt "am Gaertchen" besteht seit 2003. Der Projektleiter, Christian Hengen, ist Agraringenieur. Sein Studium absolvierte er in Wien an der Universität für Bodenkultur. "Dort lehrte man uns immer beides, konventionell und biologisch. So kam ich auf den Geschmack." Im Januar 2004, kurz nach seiner Anstellung, wurde das Projekt auf Biogemüseanbau umgestellt. "Die Zusammenarbeit mit den Biobauern klappt hervorragend. Wir besprechen immer zusammen, was wer anbauen soll. Unser Projekt übernimmt dabei großteils den Anbau von arbeitsintensiven Gemüsekulturen." 98% des Konsums an Bio-Lebensmitteln müssen aber immer noch importiert werden.

Betreutes Arbeiten

"Am Gaertchen" ist ein Projekt von vielen beim "Forum pour l'emploi". Zum Einsatz bei der Feldarbeit kommen hauptsächlich Arbeitslose, die zum Beispiel aufgrund ihres Alters sehr schwer in den Arbeitsmarkt zu integrieren sind. Vor Ihrer Anstellung melden sie sich beim Arbeitsamt. Nach einer gewissen Frist können sie beim Forum angestellt werden. Dort erstellen Erzieher ein Gesamtbild der Person, einschließlich Ausbildung, Lebenslauf und Persönlichkeit. Dann werden sie nach einer Grundausbildung in eines der Projekte eingewiesen. Sie werden vom Forum hauptsächlich mit CAT-Arbeitsverträgen ("contrat d'auxiliaire temporaire") für 12 Monate eingestellt. Danach wird ihre Situation neu eingeschätzt. Ob ihr Vertrag erneuert wird, sie vielleicht sogar fest beim Forum eingestellt werden, entscheidet

schlussendlich das Arbeitsministerium, unter Berücksichtigung der Bewertung. Das Arbeitsministerium unterstützt das Forum mit einem Anteil von 75%. Die restlichen 25% müssen durch die Projekte erwirtschaftet werden.

Gearbeitet wird im "Gaertchen" in Mannschaften von 4 bis 6 Personen unter der Obhut eines "Chef d'équipe". Außerdem kümmern sich Erzieher um den Menschen und seine persönlichen Probleme. Die Beschäftigten sollen fit für die Arbeitswelt gemacht werden und dafür erhalten sie auch manches Entgegenkommen und Verständnis ihres Arbeitgebers. Viele Arbeitnehmer verfügen aufgrund unterschiedlicher Umstände nicht über Auto und/oder Führerschein. Die meisten wohnen allerdings in der näheren Umgebung und haben damit kurze Anfahrtswege. Sie sollen auf jeden Fall in einem stabilen Arbeitsumfeld ihre Stärken und Schwächen kennen lernen können. Doch an der Arbeit selbst führt kein Weg vorbei. Auf Arbeitsmoral wird großen Wert gelegt. Bei der Gartenarbeit kommt die Freude der Ernte hinzu. Nach der mühseligen Arbeit von Saat und Jäten erfüllt es einen mit Stolz und Genugtuung wenn die frischen und farbenfrohen Früchte und Blumen verpackt, verladen und verkauft werden können.

Der Großteil des Ertrages wird an den Biogroßhandel BIOGROS geliefert und anschließend dort vermarktet. Da der Anbau im Vorfeld zusammen geplant wurde, kann die Ernte fast integral übernommen werden. Ein Teil wird aber auch direkt verkauft. Eine Marktfrau wurde eingestellt um auf einigen Wochen- und Monatsmärkten in der Umgebung auf eigenem Stand frisches Obst und Gemüse zu verkaufen. Zur Seite stehen ihr dabei einige der Betreuten. Dies ist eine Bereicherung des Lebensmittelangebots für den ganzen Norden Luxemburgs. Es werden hauptsächlich eigene Produkte verkauft, neben einigen Grundnahrungsmitteln, wie Kartoffeln, die zugekauft werden. Außerdem im Angebot befinden sich leckere Marmelade aus erfinderischen Rezepten, sowie eingekochtes Gemüse im Einmachglas.



Ein bereicherndes Angebot für den Norden Luxemburgs

Biogemüse im Glas

Um die Arbeit über das ganze Jahr zu verteilen werden seit kurzem einige Produkte weiterverarbeitet. Dies bringt mit sich, dass sogar der Ertrag gesteigert werden kann. Mussten zum Beispiel bisher von Schädlingen angeknabberte Kohlköpfe aussortiert werden, da sie für den Verkauf nicht geeignet waren, können diese jetzt zu Sauerkraut verarbeitet werden. Hier wird eng mit einer speziellen Arbeitsgruppe des Mouvement Ecologique zusammen gearbeitet (siehe Artikel "Ein Plädoyer für Gemüsevielfalt"). Himbeeren, welche in einem alten ehemaligen Bauerngarten wachsen und sich nicht zum Verkauf eignen, da sie sofort nach der Ernte auseinander fallen, werden ebenfalls in den Wintermonaten zu Marmelade verarbeitet.

Auch einige Restaurants aus dem Norden Luxemburgs schätzen die hohe Qualität der Produkte und sind zuverlässige Kunden.

Alte Obstbäume zu neuem Leben erwecken

Ein weiteres Tätigkeitsfeld ist die Baumschule für alte Obstbaumsorten. Zusammen mit der Stiftung "Hëllef fir d'Natur" werden Hochstämme veredelt, die früher im Norden Luxemburgs sehr beliebt waren. Traditionelle Baumschulen wollten sich dieses Projekts nicht annehmen, da das Anwachsen der zum Teil sehr dünnen Edelreiser (die von sehr alten Hochstämmen gewonnen wurden) sich als sehr schwierig herausstellt. Es gehört viel Geschick und Geduld dazu einen Hochstamm mit Edelreismaterial, von zum Teil überalterten Bäumen, heranzuziehen. Geplant ist jetzt zusätzlich die Aufzucht von Niedrigstämmen für kleinere Gärten. Der Hauptvorteil besteht hierin, dass der Ertrag bereits im zweiten Standjahr einsetzen kann, bei Hochstämmen kann dies doch manchmal bis zu zehn Jahre dauern.



Salatköpfe auf dem Feld: in Reih und Glied warten auf's Ernten



Der Standort Bastendorf liegt bekanntlich als südlichste Gemeinde noch im frisch gekürten Naturpark OUR. Als Mitglied der BIONA (Biobauern aus den Naturparks OUR an UEWERSAUER), will auch das Projekt "Am Gaertchen" den Bioanbau im Naturpark unterstützen und bekannter machen. Die ASTA (Administration des Services Techniques de l'Agriculture) und der "Kontrollverein ökologischer Landbau" aus Karlsruhe erteilen den als biologisch wirtschaftenden anerkannten Betrieben eine eigenständige Biozertifizierungsnummer. Für

"Am Gaertchen" ist dies LU-05-P-76. Die neue Etikette "BIO VUN DER OUR", welche auch in Zukunft auf allen Gemüse- und Obstkonserven des Projektes "Am Gaertchen" zu finden sein wird, wird die Käufer darauf hinweisen, dass die landwirtschaftliche sowie gärtnerische Produktion in den beiden Naturparks OUR und UEWERSAUER nicht automatisch BIO ist, sondern nur, wenn die Betriebe dementsprechend anerkannt sind.

Laure Simon

Die Produkte werden auf folgenden Märkten angeboten:

Wochenmarkt

- in **Diekirch**,
jeden Dienstag von 8-12

Monatsmarkt

- in **Hosingen**,
jeden letzten Montag im Monat
- in **Clerf**,
jeden 3. Donnerstag im Monat
- in **Vianden**,
jeden 2. Freitag im Monat

Demnächst auch in **Junglinster**.



E modernen Tram fir Lëtzebuerg



1992 hunn de Mouvement Ecologique, d'Tram asbl. an d'Stëftung Oeko-Fonds d'Diskussioun ëm e modernen Tram lancéiert, duerch déi sougenannt "Etude Knoflacher": "E modernen Tram fir Lëtzebuerg". De Romain Molitor, Verkéiersplaner, huet deemols déi Etude mat erstellt. De Kéisécker verëffentlecht en Interview, wéi hien déi ablacklech Situatioun aschätzt.

Zur Erinnerung: wat genau hu Dir deemols an der Etude "Knoflacher" als Transportmëttel an als Tracé virgeschloen?

D'Transportmëttel war u sech en Tram bzw. Tram-Train. Als Réseau war virgesinn eng Trass vun der Gare iwwert den Hamilius op de Kierchberg bzw. op Dummeldéng (Eechebierg) an op Beggen. Do sollt eng Méiglechkeet gebuede gi fir op de Réseau vun der CFL ze wieselen (Richtung Ettelbréck/Dikrech).

Als nächst Trass war en Tram iwwert d'Areler Strooss an iwwert d'Hollerecher Strooss iwwert Hollerech op de "Ban de Gasperich" virgesinn.

Et muss ee sech awer virun Aen halen, datt mir deemols mat Donnéeën a Prognose vun Enn den achtzeger an Ufank de 90er Joere geschafft hunn, wou 1991 «just» 35.000 Frontaliere gezielt goufen an d'Stad 60.000 Aarbechtsplazen hat.

Haut ass dat Bild e bësselchen anescht, mir hu ca. 115.000 Frontalieren an alleng 122.000 Aarbechtsplazen an der Stad. Dat ass natierlech e Wuesstem, deen onwahrscheinlech staark war an an där Form net wirklech viraus ze gesi war, zumindest net an enger Dekad.

Ass firlech de Bau vun engem Train-Tram onerlässlech fir e Qualitäts-spronk am ëffentlechen Transport ze errechen oder wär och en einfachen Tram an Ären Ae sënnvoll an de richtige Wee? Wa jo, ënnert wéi enge Voraussetzungen?

Fiir e Qualitätsspronk am ëffentlechen Transport ze erreche muss een opgrond vun den aktuelle Rahmebedingungen an de prognostizierten Entwécklung fir Lëtzebuerg en adäquaten ëffentlechen Transport entwéckelen. Eng System-scheedung kënn erréicht «en deuxième lieu», wann ee sech iwwert d'Zilsetzungen an déi erfuerderlech Kapazitéiten am ëffentlechen Transport am kloren ass.

Bei den Zilsetzung ginn et jo eng Rei fixéiert Ziler (Nohaltegeetsplang, Direktive vun der Landeplang, Stadentwécklungskonzept vun der Stad Lëtzebuerg an och IVL).

Weiderhi muss ee sech kloer sinn, wat fir eng Qualitéit am ëffentlechen Transport erreescht soll ginn. Wann een dann déi prognostizéiert Stréim an d'Ziler ukuckt ass et kloer, datt mir an Zukunft un d'Kapazitätsgrenze vum aktuelle Busréseau an der Stad kommen.

Da stellt sech d'Fro vun engem System mat méi héijer Kapazität, an dat wär an der nächster "Hierarchiestuf" den Tram oder den Tram-Train.

Fir staark Verkéiersstréim effizient ofzewéckelen ass natierlech e schinnegebonnent ëffentlecht Verkéiersmëttel dat géeeenst. An der Stad sinn dat Relatiounen mat entspreche Stréim, ënnert anerem Relatiounen ewéi Gare-Zentrum oder Kierchbiereg.

Mä et muss een natierlech dat Ganzt och an engem Zesummenhank mat der Stadentwécklung gesinn. Siten, wou och an Zukunft nei Aktivitéiten oder verstärkt Aktivitéiten ugesidelt solle ginn, wäeren dann och an d'Iwwerleung anzebeziehen, z.B. de Ban de Gasperich, Holle-rech.

Wann een elo un en Tram oder Tram-Train denkt, muss et engem kloer sinn, datt een emol mat enger Linn ufänkt - och da wann een e Réseau plangt. Da muss et och kloer sinn, datt en Tram oder Réseau mat méi Tramslinnen net iwwerall de Bus ersetzt an iwwerall en Tram gebaut sollt ginn. Dat bedeit an anere Wieder, datt en Tram och mat «pôles d'échanges» ausgestatt muss ginn, wou an héijer Qualitéit vum Bus oder vum Zuch op den Tram ëmgelomme ka ginn.

A wann een héich Qualitéit seet, soll een net den iwwerlaaschte "Pôle d'échanges" Gare virun Aen hunn, ma méi kleng an iwwerschaubar Eenheeten mat kuerze Weeër tëschent de Verkéiersmëttel an enger gudder Informatioun "in real time". D.h. den Utilisateur soll wëssen, datt säi Bus oder Tram kënn bzw. bei Verspéidung op hie waard oder awer datt en op den nächste Bus oder Tram higewise gëtt.

Dat bedeit, datt mir en Tracé hunn, dee méi Verknüpfungspunkte mam Bus- an Zuchréseau muss hunn. Wann eng héich Qualitéit an esou engem System erreecht gëtt, gëtt d'Emklammen net méi vum Utilisateur esou pénaliséiert ewéi dat elo de Fall ass.

Da muss mir och net méi «krampfhaft» no Léisunge sichen, déi ee méiglechst direkt z.B. vun der Wunnéng op d'Arbeitsplaz bréngt, mä mir kënnen méi flexibel no de Besoine vun der Nofro an der Kapazität e Réseau am ëffentlechen Transport opbauen, deen et erlaabt, datt vum Zuch mat 6 Duebelstackween a vum Bus op en Tram ka gewieselt ginn a vice versa. Dëst ouni datt den Utilisateur "op der Stréck bleift". Dat ass awer net als Playdoyer fir en "nëmmen" Tramsréseau an der Stad ze verstoen, de Konzept vum Tram-Train huet seng Viirdeeler duerch eng städtesch a regional Vernetzung.

Fannt Dir, datt mam Bau vun enger Linn via Findel bis op de Kierchbiereg déi richteg Prioritéit am Ausbau vum Schinnenetz gesat gouf oder wéi geift Dir se setzen?

Déi Fro kann een net pauschal beäntwerten. Engerseite sollt een, an dat hu mäer deemols mat eiser Etude gemaach, emol déi ablacklech Besoinen um ëffentlechen Transport uerdentlech ofdecken. Dat wär am Fong d'Prioritéit. Ënnert heitege Gesiichtspunkte géing et net vill Sënn maachen fir iwwert de Findel ze fuere fir op de Kierchbiereg ze kommen.





Villes hänkt awer och vun der Entwécklung vun der Regioun Findel / Kaltgesbréck of. Am Ablack wunnen a schaffen do net genuch Leit, datt sech déi Verbindung lount. Wann een awer eng grouss Rahmenentwécklung mécht, kritt dat eng aner Dimensioun. Falls déi Regioun sech sollt prioritär entwéckelen, géing dat och d'Prioritéiten am öffentlechen Transport matbestëmmen.

Dann ass ee bei der selwechter Fro wéi bei Hollerech, Gasperech asw., wou jo Entwécklung geplangt sinn.

Et ass ganz sécherlech och eng Fro vu Stadentwécklung an IVL.

Bleift d'Fro mat wat een ufänkt...

An enger klassescher Démarche kuckt ee wat do ass a probéiert dat geschéckt mat neien Entwécklungen ze kombinéieren.

Dir hutt et zwar virdu schonns ernimmt, ma wei problematesch gesi Dir d'Ëmklamme op der Gare oder eng eventuell Surcharge vun der Gare?

Am Ablack ass een op de Kapazitéitsgrenzen an der Stater Gare. Duerch den Ëmbau ginn déi Kapazitéite jo awer

ërem vergréissert. Anerseits muss een ganz sécherlech kucken, datt een d'Leit méi verdeelt. Mer brauche méi Echange. Duerfir ass et wichtig, e Lien vun der Diskussioun och mat de Gares périphériques ze maachen. Egal fir wéi een neie Schinnesystem ee sech décidéiert, ass de Bau vun esou Garen an och d'Verknéppung mam neie System zesummen ze gesinn. Well wann een en Ëmsteige just ob engem zentrale Punkt mécht, dann ass dien automatesch iwwerlaascht, et ass ëmmer besser dat op méi kléng Eenheeten ze verdeelen. Gares périphériques maache Sënn deen Ablack wou een Hollerech kuckt, Ban de Gasperich erop bis an d'Arelerstrooss, et kann een Dummeldeng huelen a vun do aus mat Bussen op de Kierchbierg erop fueren.

D'Gare kann egal wéi – op Tram oder Train-Tram – den Ufuerderungen net méi gerecht ginn. Wann ee wëll 120.000 Aarbechtsplazen an der Stad Lëtzebuerg bedingen, kann een déi net all iwwert d'Gare drainéieren. Da muss een soen: déi vu Péteng a vu Mamer fänken ech zu Hollerech of asw.

Wann een e Réseau vum öffentlechen Transport als Réseau interpretéiert, da kann een an deem Kontext peripher "Pôles d'échanges" mei wäit faassen, z.B. zu Mënsbech e Quai bauen fir do déi Zone d'activité ze erschléissen a gläichzeiteg e Bus op de Kierchbierg virgesinn. Do dertëscht huet een en Echange an et kritt een esou de Kierchbierg vun der Tréierer Linn um direkte Wee ugeschloss asw.

Eng perséinlech Fro zum Schluss: ass et net och frustrant, datt am Fong no esou vill Joeren net méi geschitt ass a villes ërem a Fro gestallt gëtt?

D'Planung ass och als Prozess ze verstoën, an am Kader vun sou engem Prozess kënn et och fir, dat een e kritesche Reckbleck mécht. Et muss ee just oppassen, datt ee sech dann net ëmmer erëm weider am Krees dréint.

Merci fir den Interview

De Verkéiersverbond an d'Mobilitééitszentral:

systematesch am Intérêt vum ëffentlechen Transport

2005 ass de Verkeiersverbond offiziell mat Liewe gefëllt ginn, grad esou d'Mobilitéitszentral. Grond genuch, fir en Interview mam éischten Direkter vum Verkéiersverbond, Claude Waltzing, iwwert d'Prioritéite vun dësen esou wichtige Strukturen am ëffentlechen Transport ze maachen.

De **Mouvement Ecologique** huet zënter Joëren e Verkéiersverbond an eng Mobilitéitszentral gefuerdert, als Elementer déi sollen zu enger neier, anerer Mobilitéit zu Lëtzebuerg bäidroen. De Verkéiersverbond ass elo nei gegrënnt ginn, nodeem d'lescht Joër dat néidegt Gesetz gestëmmt gouf. Dir sidd den éischten Direkter vum Verkéiersverbond. Wat ass Äert Aufgabebegeitt?

Claude Waltzing: Eis éischt Aufgab ass eng Mobilitéitszentral opzebauen, déi op d'Stater Gare soll kommen. Do mussen nach e ganze Koup Preparative gemaach ginn. Déi zweet, parallel derzou, ass an der Planifikatioun vum ëffentlechen Transport mat ze schaffen. Mir wëlle jo net nëmmen no baussen eng Vitrine hunn, mä mir wellen och eppes hannendru mat opbauen.

Kënnt Dir an zwee Wieder zesumme-faasse wat den Ënnerschied ass tëschent dem Verkéiersverbond an der Mobilitéitszentral?

De Verkéiersverbond ass d'Daachorganisatioun vum ganzen ëffentlechen Transport. D'Mobilitéitszentral ass d'Vitrine no bausse vum Verkéiersverbond, wou u sech d'Leit beroden an informéiert ginn, et ass den Interface mam Usager. De Verkéiersverbond schafft am Fong un deenen Iddien, déi an der Mobilitéitszentral ënnert d'Leit bruecht ginn.

Loosse mer emol beim Verkéiersverbond bleiwen. Wéi ass de Verkéiersverbond organisiert? Wéi sinn déi eenzel Transporteuren agebonnen? Wat ass de Lien mam Transportministère?

